BIERGER INITIATIV
GEMENG DIPPECH

Gemengewahlen 2017

☒ **D'Lëscht vun de Bierger**

Zanter méi wéi 30 Joer hëlt d'Liewensqualitéit an eiser Gemeng drastesch of an ass hautdesdaags op engem dramateschen Déifpunkt ukomm.

**Et gouf vun offizieller Säit an de leschte Jore vill versprach awer wéineg gemaach!**

# Et geet elo duer!

Eis Gemeng ass eng richteg Transitgemeng ginn, wou all Dag **iwwer 19.500 Autoen** a Camionen duerchfueren an eng reell Gefor duerstellen.

War am Ufank just d'Haaptstrooss (RN5) vum Verkéier betraff, sou benotzen ëmmer méi Autosfuerer d'Niewestroossen a blockéieren Dag fir Dag eis Dierfer.

**D'Awunner vu Betten, Dippech, Schuller a Sprénkeng hunn e Recht op Liewensqualitéit!**

**D'Biergerinitiativ Gemeng Dippech seet kloer**

## NEE ZUM CONTOURNEMENT KÄERJENG

## OUNI D'GEMENG DIPPECH

Version française en dernière page

# DO WOU D'POLITIKER INAKTIV SINN, MUSSEN D'BIERGER SELWER AKTIV GINN.


Am Juli 2016 huet d'Regierung decidéiert, dass e Contournement fir Käerjeng ouni d'Gemeng Dippech soll gebaut ginn.

De Projet gesäit vir, dass e 4,2 km laange Contournement (Variante 2 - Bobësch) laanscht Käerjeng gebaut gëtt, fir duerno viru Schuller an d'Haaptstrooss (RN5) ze fléissen.

**Gëtt de Contournement an dëser Form gebaut, sou wäerten an Zukunft weiderhin zéngdausenden Autoen a Camionen duerch eis Gemeng fueren.**

**<u>SCHLËMMER NACH:</u> Eng drastesch Erhéijung vum Verkéier (iwwer 6.000 zousätzlech Mouvementer) wäert d'Konsequenz sinn. Dëst ass inakzeptabel!**

Wat vill Leit net wëssen : De Projet gouf vun der Regierung op den Instanzewee bruecht a brauch just nach am Parlament gestëmmt ze ginn.








# ET ASS 5 VIR 12 FIR DËS ABSURD SITUATIOUN ZE STOPPEN!

D'Gemeng Suessem ass kloer géint de Contournement Käerjeng an huet schon de 26. Oktober 2016 e Recours virum Verwaltungsgeriicht agereecht.

Déi Verantwortlech vun der Gemeng Dippech hu bis haut näischt ënnerholl, fir juristesch géint de Projet vum Contournement Käerjeng virzegoen.

Mir stinn fir eng participativ Demokratie an hunn decidéiert bei de Gemengewalen dem Wieler eng Lëscht ze proposéieren, an dat als eenzeg onofhängeg Alternativ zu den 3 Parteien déi bis elo am Gemengerot vertruede sinn.

**Kritt «D'LËSCHT VUN DE BIERGER» um Walsonndeg äert Vertrauen, sou wäerte mir eis ganz Energie asetzen fir eng sënnvoll Léisung fir eis Gemeng ze kréien.**

# WAT HEESCHT «BIERGERINITIATIV»?

Mir si eng motivéiert Equipe vu Bierger aus eiser Gemeng, déi sech fir d'Interesse vun eise Matbierger asëtzen. Mir hunn eis viru kuerzem zesummegesat fir gemeinsam eng Biergerlëscht opzesetzen an dem Wieler eng Alternativ zu den Parteien ze proposéieren.

D'Biergerinitiativ ass **keng politesch Partei** a steet kenger Partei no.

Mir stinn fir eng **zukunftsorientéiert an nohalteg Gemengepolitik vun de Bierger fir d'Bierger**.

D'Erausfuerderungen déi op eis Gemeng an nächster Zäit duerkommen sinn enorm. **Et ass dofir wichteg, elo dee richtege Choix ze treffen.**

**Stëmmt eis Lëscht fir dass mir déi onëmgänglech nei Kraaft am Gemengerot kenne ginn.**

**ALL STËMM ZIELT!**

**Merci am Viraus fir äer Ënnerstëtzung.**

*> An der nächster Publikatioun fannt Dir eis Lëscht vun de Kandidaten souwéi eise Programm.*

BIERGER INITIATIV
GEMENG DIPPECH

Elections communales 2017

# ☒ La liste des citoyens

Depuis plus de 30 ans, la qualité de vie dans notre commune ne cesse de se détériorer. Chaque jour, plus de **19.500 véhicules** traversent notre commune. Ceci constitue une situation inacceptable pour les habitants de Bettange, Dippach, Schouweiler et Sprinkange.

Depuis des années, la problématique est connue des élus locaux sans qu'une amélioration n'ait pu être constatée. Pire encore! En juillet 2016, le gouvernement a adopté le projet d'un contournement pour Bascharage.

**Ce projet aura des conséquences désastreuses pour notre commune avec notamment une augmentation du trafic journalier de plus de 6.000 mouvements.**

Contrairement à la commune de Sanem qui s'est opposée au projet, les responsables politiques de Dippach n'ont, à ce stade, déposé aucun recours juridique.

**Il est URGENT d'agir avant que les voies d'un recours judiciaire et légal ne soient expirées.**

La «Biergerinitiativ Gemeng Dippech» **n'est pas un parti politique** mais un mouvement de citoyens indépendants qui consacre toute son énergie à faire barrage à l'actuel projet de contournement de Bascharage pour obtenir du gouvernement un nouveau projet de contournement incluant la commune de Dippach.

**Nous défendons l'idée d'une démocratie participative et avons décidé de déposer une liste de candidats aux prochaines élections communales du 8 octobre prochain en proposant aux électeurs de notre commune la seule alternative indépendante aux trois partis politiques représentés jusqu'à présent au conseil communal.**

**Nous vous remercions d'avance d'accorder vos suffrages à notre liste afin que nous puissions devenir la force incontournable au prochain conseil communal.**

**CHAQUE VOIX COMPTE!**

*> Retrouvez nos candidats et notre programme dans notre prochaine publication.*